ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 20/06/2025

Rapport vun der Kommissioun Vivre ensemble interculturel vum 19.06.2025

Presenzen

Present	Net present
Paul Mangen Bourgmestre	Rosie Brandenburger (entschëllegt)
Anna Kirsch (MFSVA)	Marie Sadler (entschëllegt)
Michael Krapp (MFSVA)	Sandrine Kinnen (entschëllegt)
Véronique Peiffer (Présidente)	Stefanie Block (entschëllegt)
Lydie Ruppert	Max Leches (entschëllegt)
Magali De Rocco	
Sylvia Origer	
Ann Leurart	
Toni Pinto	

Engagement vun der Gemeng am Kader vum Gemengepakt

1. Allgemengen Hannergrond
2. Geographesch Portée
3. Dauer a Verlängerung
4. COPIL (Pilotkomitee)
5. Prioritär Aktiounsberäicher
6. Mënschlech Ressourcen a Finanzen
7. Begleedungsinstrumenter
8. Nächst Schrëtt

Helperknapp, 20/06/2025

1. Pakt Allgemengen Hannergrond

   De Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ass eng Konventioun tëscht dem Ministère de la Famille an de Gemengen, fir d'interkulturellt Zesummeliewen op lokalem Niveau ze stäerken. Dëst fält ënner d'Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'interkulturellt Zesummeliewen.

2. Geographesch Portée

   - Eng eenzel Gemeng kann de Pakt ënnerschreiwen.
   - Méi Gemenge kënnen sech zesumme schléissen, fir Ressourcen ze deelen an den Impakt ze vergréisseren.
   - D'Wiel hänkt vun de lokale Kapazitéiten an Ziler of.

3. Dauer a Verlängerung

   - Initial Dauer: 6 Joer.
   - Upassung vun der Dauer méiglech wärend der Konventioun.
   - Virun derËnnerschrëft sollten déi spezifesch Besoinen identifizéiert ginn.

4. COPIL (Pilotkomitee)

   Desen soll an den éischten 3 Méint no der Ënnerschrëft definéiert ginn, conforme zum CoPils Gesetz (Article 6(5) de la Loi)

   - Besetzung:

   ❖ **1 Vertrieder vun der Gemeng** (Membre du Conseil Communal :Koordinatioun, Suivi, Validatioun vun den Aktiounen.)

   ❖ **2 Vertrieder vun der Kommissioun** vum Vivre ensemble interculturel.

   ❖ **2 fräi Vertrieder** (aus lokalen Associatiounen).

   ❖ **1 Coordinateur** (am Fall wou d'Gemeng iwert een verfügt).

Helperknapp, 20/06/2025

5. Prioritär Aktiounsberäicher

All Gemeng definéiert hir Prioritéiten no lokale Besoinen.

Heefeg Beräicher:

- ❖ Café des Langues
- ❖ Zougang zu Informatioun.
- ❖ Biergerparticipatioun.
- ❖ Bekämpfung vun Diskriminatioun.
- ❖ Wäertschätzung vun der kultureller Diversitéit.

6. Mënschlech Ressourcen a Finanzen

- Eng koordinéierend Persoun muss vun der Gemeng designéiert ginn.
- Engagement: +-12 Stonne pro Woch (dëst ass awer just eng Schätzung).
- Finanzéierung: 30.000 € pro Joer, iwwerholl vum Ministère de la Famille.

7. Begleedungsinstrumenter

- Guide fir Bierger: Informéiert d'Awunner iwwert hir Rechter, d'Ziler vum Pakt an d'Participatiounsméiglechkeeten.
- Biergerpakt: Bezeechnung vum Pakt, soll an der lokaler Kommunikatioun erkläert ginn (Ziler, Engagementer, Beispiller).

8. Nächst Schrëtt

- Diskussioun mat der Gemengeverwaltung a matt der Kommissioun
- Nächst Ënnerschréften: Oktober 2025.
- Dokumenter virbereeden an ausfëllen
- Opstellung vum CoPil.
- Aarbechtskalenner.